## Mediensplitter

# "Rudi, haudi Saudi"

*D'***Bild** *huet 50 Joer. De 24. Juni 1952 as déi éischt Nummer vun der gréisster Zeitung an Europa erauskomm. Haut verkeeft dëst Boulevardsblad Dag fir Dag an der Moyenne 4,4 Milliounen Exemplären um Kiosk, well abonnéiere kann een et nët. Dat mécht 11,5 Millioune Lieser, 60 Prozent Männer, 40 Prozent Fraen. D'***Bild** *as nët* **eng** *Zeitung, mee 31 Regionaléditiounen, déi vun iwwert 1.000 Journaliste gemaach gin. De Joresbenefiss gët op 120 Milliounen Euro geschat. Och zu Lëtzebuerg as d'***Bild** *e Succès. Am leschten Ilres-Sondage hun héichgerechent 28.000 Leit zougin, si all Dag an de Grapp ze huelen.*

Wéi ech nach an de Lycée goung, hun ech enges Dags missen e Referat halen. Méng Iddi war, eng Inhaltsanalyse vun der *Bild*-Zeitung ze maachen. Am Zeitungsbutték hun ech mir dat Blad mat de groussen Iwwerschrëften e Mount laang op d'Säit leë gelooss, well ech e wéineg genéiert war, all Dag mat der *Bild* ënnert dem Aarm gesin ze gin. Wéi ech spéider ugefaangen hun, déi eenzel Nummeren duerchzegoen, war et séier eriwwer. No der Lektür vun zwou Editiounen hun ech mech esou gelangweilt, datt ech de ganze Pobeier ewechgepucht hun. Duerno hun ech mir séier e Buch besuergt, iwwert dat ech an der Klass eppes kënnt verzielen.




Den Titel weess ech nët méi, mee ganz sécher war et nët dem Günter Wallraff séng sensationell Reportage *Der Aufmacher — Der Mann, der bei "Bild" Hans Esser war.* Déi éischt Editioun vun dësem Buch koum 1977 eraus, an esou feiert, wéi den Zoufall heiansdo spillt, och dësen Titel dëst Joer Jubiläum (ofgesin dovunner, datt de Wallraff am Hiescht 60 Joer al gët). De sozialkritesche Schrëftsteller hat sech ënnert falschem Numm an d'Redaktioun zu Hannover ageschlach an huet no séngem "Stage" dokumentéiert, wéi bei der *Bild* Informatioune manipuléiert a gefälscht gin.

*Der Aufmacher* steet haut nach an däitsche Schoulen um Programm, an dat Buch huet der Zeitung aus dem Verlag Axel Springer enorm geschued. Vill méi wéi dräi Joer virdrun dem Heinrich Böll séng Erzielung *Die verlorene Ehre der Katharina Blum*. Doranner erschéisst eng Fra de Reporter vun engem Revolverblad, well si sech nët anescht géint d'Artikelen iwwert si ze wiere weess. Dëse Schluss huet dem Böll de Reproche abruecht, hie géif d'terroristesch Methodë vun der Rote Armee Fraktion guddheeschen.

Tëscht der lénker Intelligenzija an der *Bild* resp. dem Axel Springer huet deemols e geeschtege Biergerkrich geherrscht. Wéi de Leader vun de Studenten, de Rudi Dutschke, am Fréijoer 1968 vun engem Aarbechter an de Kapp geschoss gouf, hun déi jonk Leit den däitschen Editeur mat responsabel gemaach an gejaut: "Enteignet Springer!"

Deemols war d'*Bild* ouni Zweifel e politescht Kampfblad, dat beispillsweis déi lénksliberal Reejhirung haart attackéiert huet. De Springer wollt

d'Réunificatioun vu BRD an DDR an huet an der Ostpolitik eng Gefor fir d'Eenheet gesin. Aus deem Gronn gouf "DDR" ëmmer tëscht Gänseféisserchen gesat. En erstaunleche Paradox war et och, datt d'Lieser vun der *Bild* an der Majoritéit Wieler vum SPD-Kanzler Willy Brandt waren.

Haut rëselt een e wéineg de Kapp, wann een un déi héichpolitiséiert Zäiten vun deemols zeréckdenkt. Wann een d'Bild dëser Deeg opschléit, dann huet een eng Boulevardszeitung an hierer éischter Bedeitung am Grapp, e Blad mat dem leschte Beschass iwwert prominent a manner prominent Leit aus dem däitschen öffentleche Liewen, méi dax wéi ee mengt mat dem Accord vun deene Betraffene geschriwwen, op si Boris Becker oder Verona Feldbusch heeschen.

Dëse Wandel huet eng Partie Uersaachen.

1. De Günter Wallraff stellt vun 1977 un en Hëllefsfong op d'Been. Doduercher verléiert d'*Bild* ëmmer méi Prozesser a muss Dommages et intérêts bezuelen — eppes, wat et bis dohinner nët gouf.

2. Nom däitschen Hierscht 1977 entspaant sech d'Atmosphär vum geeschtege Biergerkrich an Däitschland lues a lues, an et as e sozialdemokratesche Kanzler, deen de sougenannten Nato-Doppelbeschluß 1983 duerchboxt.

3. Am Hierscht 1985 stierft de *Bild*-Grënner Axel Springer. D'Verlagsmanager, déi no dem Mann mat der Visioun an der Ideologie kommen, hu fir d'éischt d'Oplo an de Portemonni am Bléck.

4. Parallel dozou kënnt an der zweeter Halschent vun den 1980er Joeren d'Privattelevisioun an Däitschland. Am Verglach mat den Tabuën, déi um klengen Ecran no a no gebrach gin, kënnen déi leschten Enns dach brav Sexgeschichten an der *Bild* nët méi mathalen.

5. Am Hierscht 1989 fällt d'Berliner Mauer, an dee schaarfe politesche Kontrast lénks/riets léist sech definitiv op; jidferee wëllt vun elo uns nach jhust an d'Mëtt. Dat beschten Beispill liwwert d'*Bild* selwer. E fréiere Redakter as zweete Spriecher vun der rout-grénger Reejhirung; een Ex-Chefredakter vun der *Bild am Sonntag* këmmert sech em d'Wahlkampagne vum schwaarze Kanzlerkandidat Edmund Stoiber.




**Den aktuelle Chefredakter Kai Dieckmann erklärt de Succès esou: "Mir ënnerhalen d'Leit beim Liesen."**

6. An Zäite vun engem héijhen Individualismus gët et ëmmer méi schwiereg, eng Zeitung ze maachen, déi déi breed Masse uschwätzt. Dat geléngt och der *Bild* nët méi ouni Verloscht, mee si bleift "eng journalistesch Maschinn, déi d'Aktualitéit all Dag an eng grouss Erzielung verwandelt", mengt de Schwäizer Journalist Heribert Seifert.

7. D'Boulevardspresse gët sérieux, während d'Qualitéitsblieder sech "boulevardiséieren". An England huet den *Daily Mirror*, dem Axel Springer säi Virbild fir d'*Bild*, zanter Abrëll d'Ambitioun, manner räisseresch a méi politesch ze sin — bis elo allerdéngs nach ouni deen erhoffte formidable Succès. D'*Bild* leescht sech zanter 10 Joer eng Säit 2, déi nëmmen aus politeschen Informatiounen a Kommentären zesummegesat as. Op hier Lieser duerfir all Dag an der Moyenne 38 Minuten brauchen, fir sech duerch d'*Bild* ze kämpfen? Oder op hiere Bléck soss anzwousch hänkebleift?

Den aktuelle Chefredakter Kai Dieckmann erklärt de Succès esou: "Mir ënnerhalen d'Leit beim Liesen." Heiansdo daucht deen alen Kampfinstinkt awer nees op. Wéi Enn Januar, wéi eng Photo vum grénge Emweltminister Jürgen Trittin op der éischter Säit ze gesi war. Si sollt beweisen, datt hien an der Zäit ënnert Leit mat Bolzeschneider a Knëppel op enger Demonstratioun ënnerwee war - wat awer definitiv eng Fälschung war. Oder wéi de Schauspiller Raimund Harmstorf an der *Bild* huet misse liesen, hie wäer an der Psychiatrie, well en sech d'Handgelenk opgeschlitzt hätt, a wéinst däer Schlagzeil sech kuerz drop tatsächlech embruecht huet.

De Günter Wallraff huet sech bis haut nët mat der *Bild* versöhnt, während den Axel Springer 1980 an engem Interview sot, wéi dax géif hie leiden, wann hie moies géif d'*Bild* opschloen. An d'*Bild* titelt weider an hierem berühmt-berüchtegte Stil. Am Ufank housch et: "Ostzonensuppenwürfel verursachen Krebs". A virun e puer Deeg: "Rudi, haudi Saudi." Déi nächst 50 Joer kënnen nët wierklech méi schlëmm gin!

**Romain Kohn**

*(Fräie Micro um honnert,7 vum 26. Juni 2002)*